Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Covid-Kris gëtt an der lescht ëmmer méi medezinescht, respektiv para-medezinescht Personal aus Drëtt-Länner rekrutéiert, déi ascheinend och aus Länner an Osteuropa, wéi Rumänien oder Bulgarien kommen. Dëst Personal gëtt hei zu Lëtzebuerg virun allem an den Test-Zenteren (Large-Scale-testing) agesat an och elo an den Impf-Zenteren. An deem Kontext stellt sech d'Fro a wéi wäit et ethesch responsabel ass fir Personal aus Länner, déi och mat der Pandemie confrontéiert sinn, ofzezéien a wou et och Enkpäss bei medizinesch qualifizéiertem Personal gëtt.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit aus dem Ausland si bis elo fir de Large-Scale-Testing, respektiv fir d'Impf-Zentere rekrutéiert ginn? Wéi eng Qualifikatioune hate si an aus wéi enge Länner koume si?
2. Wéi vill weider Leit, aus wéi ville Länner, solle nach rekrutéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten